

Lëtzebuergesch Acteur, 1953 gebuer, ee Lënster Jong, deen och haut nach (wann en da mol zu Lëtzebuerg ass) an deem wonnerbaren Haus matten am Zentrum wunnt, engem Haus vun 1702 mat ganz vill Geschicht an Authentizitéit.

Den André Jung hat relativ jonk de Führerschäi vum Trakter an der Täsch, a wollt eigentlech vun 12 Joer un Bauer ginn. Bësse mi spéit sollt et Véidokter sinn, mee et koum ganz anescht.

Wéi hie mat 17 bis am Kolléisch mat der Theaterschülergrupp "Bumerang" literaresche Cabaret gespilt huet an och bei der JEC Theaterloft déif inhaléiert hat, ass d'Decisioun gefall: den André geet Schauspillerei studéieren.

Seng spéider Fra Lony Hoffmann huet hien iwwregens och an deem Krees kennegeléiert.

Den André Jung huet duerch den Tun Deutsch de Kontakt mam Kasemattentheater krut, an dat war definitiv ausschlaggebend fir de Wee op Stuttgart op d'Héichschoul fir „Musik und darstellende Kunst“ anzeschloen. D'Première huet hien net mi hei gemaach, „Premièren hat hie spéider genuch“-seet den André Jung selwer. Den André Jung gouf op verschidde Bühnen engagéiert, a gouf 2018 niest villen aneren Auszeechnunge mam zweetrenommiéierterste Präis fir Theater an Däitschland ausgezeent, dem Eysoldt-Ring-Preis.

Mee alles mol der Rei no:

Seng Fra Lony huet hei zu Lëtzebuerg Schoul gehalen, an huet den André an de 70 er de Weekend iwwer besicht, do wou en dann ebe grad dru war. Wéi bis hir éischt Duechter Sophie op d'Welt koum, ass d'Famill op Frankfurt gezunn. 2 Joer mi spéit gouf d'Marie gebuer, an d'Famill huet op en Neits d'Wallis gepaakt fir zu Zürich eng nei Bleif opzebauen. Wéi d'Marie bis 5 Joer al war, ass d'Famill eng weider Kéier geplënnert, déi Kéier op Basel. Zu Basel war den André bis 1993 op der Theaterbühn engagéiert, mee wéi et do geheescht huet, elo geet et op Hamburg, do hu Fra a Kanner kapituléiert.

Et huet een sech selwer awer och dem Partner an de Kanner sou munches zou, wann een ëmmer erëm plënnert, Frëndschaften hannert sech léisst an sech ëmmer erëm muss nei upassen un en neit Ëmfeld. D'Kanner hate sécher an deem Sënn eng haart Kandheet.



Well d'Famill decidéiert hat de Switch vu Basel op Hamburg net méi matzemaachen, ass den André tëscht Hamburg a Basel hin an hiergependelt. 8 Joer laang huet den André seng Kanner just all 14 Deeg gesinn, an an de Vakanzen. Dat hat hie glécklecherweis esou mam Intendant vum Theater zu Hamburg ofgemaach. Vun 2000-2004 war hien dunn beim Schauspielhaus Zürich engagéiert, an vun 2004 bis 2015 zu München am Ensembl vum de Kammerspiele.

Ee mouvementéiert, spannend, net sesshaft Liewen, wat mat sech bruecht huet dass den André op sengem Wee vill Mënsche kennegeléiert huet, Frëndschafte geknëppt huet, an awer gläichzäiteg och huet missen zrëckloosse wann hien nees d'Stad gewiesselt huet. Et deet wéi d'Frënn ze verléieren, mee et deet nees esou gutt se erëmzugesinn, seet de Schauspiller haut mat engem gewëssene Recul.

Bei de ville Rollen op der Bühn huet eng hie ganz besonnesch markéiert. An zwar déi vum Mendel Singer am „Hiob“ vum Joseph Roth, wou hie selwer de Mendel Singer verkierpert huet, ee jiddesch-orthodoxen Toraenseignant, deem säi Glawe ferme op d'Prouf gestallt gëtt, deen duerch seng Stuerheet a sengem Glawen seng ganz Famill verléiert, mee wou de Schluss nees ee positiven Dréi kritt. Eng komplex Matière an déi den Acteur sech huet richteg missen eraschaffen.

D'Roll selwer an di staark Identifikatioun mam Personnage si schonn un d'Substanz gaangen.

Nieft senge sëlleg Bühnenopretter ass den André och reegelméisseg a Filmrollen ze gesinn: Tagebuch der Anne Frank, Polizeiruf 110, das Experiment, die Besucherin, Egon Schiele Tod und Mädchen, Unterwerfung fir nëmmen des ze nennen, an da natierlech an enger ganzer Rei vun Tatorten, wou hien e.a. z. B. seng Roll als Chefrabbiner genoss huet. Iwwerhaupt ass den André Jung begeeschtert fir Personagen ze verkierperen di net Mainstream sinn, mee um Rand vun eiser Gesellschaft liewen, an sech dann an hire Charakter, hir jeeweileg Problematik eranzedenken an ze versetzen, ze verstoe wéi esou ee Personnage denkt, fillt, wéi een iwwerhaupt esou gëtt.



Da wier do nach absolut erwänenswert d'Haaptroll als King Lear vum William Shakespeare, eng Tragedie ronderëm ee Mann, deen dorunner zerbrécht dass en ausgerechent déi Duechter ausstéisst, déi him éierlech gesénnt ass. Den André Jung huet an dëser däischterer, dramatescher Tragedie brilléiert.

De Schauspiller huet eng villsäiteg Filmographie opweises: vill ënnerschiddlech Rollen, ënnerschiddlech kontrovers Charakteren, dorënner och ganz ausgefale Saache wéi z.B. de Superjhem. Dat war eng Produktioun di vill Freed gemaach huet a wou fir d'Effekter den André a Seeler houng virun enger blue box (oder engem green screen). Deels gouf säi Kierper gescannt, dann iwwer Computersimulatioun a Beweegung gesat fir dann an den All gebeemt ze ginn.

Sou vill ënnerwee, do léiert ee jo sécher vill Mënsche kennen, di ee méi oder manner prägen. Et ass an den Ensembl, wou den André Jung di interessantste Leit kennegeléiert huet, an zu deene Mënschen, di hie besonnesch impressionéiert hunn, gehéiert sonner Zweifel den Schwäizer Regisseur a Museker Christoph Martahler, mat deem hien eng laangjäreg Collaboratioun a Frëndschaft verbënnt. Genee sou verhält et sech mam Regisseur Werner Düggelin, deen am Alter vun 90 Joer am August 2020 gestuerwen ass.

Dëse Schwäizer Regisseur, deen e.a. de centre culturel suisse zu Paräis geleet huet, war quasi 35 Joer laang dem André Jung säi Mentor. Bei him huet hie „Reduktioun am Spill“ geléiert: sech zrëckhuelen, just de Karma spille loossen, ze denken an ze menge wat ee seet, sech op dat Wesentlecht konzentréieren. Well genee dat mécht ee besser, dat mécht ee glafwierdeg.

A warscheinlech wäert den André dëse Message och u seng Duechter Marie weiderginn, déi genee wéi de Papp Actrice ass, obwuel si dat eigentlech ni wollt ginn. Gebranntes Kind? D'Marie Jung, haut 34, beim Thaliatheater engagéiert ass net just wéi de Papp Actrice ginn, mee si mécht him et och an deem Sënn no, well si haut fräi schafft genee wéi den André deen zanter 2014 Freelance ass. Dat erlaabt hir dann och nieft hirer Roll als Mamm hei zu Lëtzebuerg eng Produktioun unzehuelen oder eben net. D'Sophie, di eelsten Duechter, ass och Kënschtlerin, Performer, schafft Expoe mat Objeten, huet en Atelier zu London an een zu Basel, a schafft international. Hire Mann begleet si dobäi wann si ënnerwee ass. An de Maximilian, deen zu Münche studéiert, tendéiert och a Richtung Schauspillerei.



© Andreas Pohlmann

Wéi kann dat nëmme sinn???

Am August ass den André Jung zu Lëtzebuerg gewiescht fir d'Produktioun vum Film „l'enfant caché“, eng Irisproduktioun, an e reelle Challenge fir emol eng franséisch Roll ze spillen. De Regisseur Nicolas Steil war scho couragéiert an der Coronazäit eng Produktioun ulafen ze loossen, an d'Precautiounen sinn deementspreechend: all Dag kréie sämtlech Leit um Set d'Féiwer gemooss, geprouft gëtt mat Visière, mee bei der Opnam muss déi natierlech ewech.



© Julian Röder

Villes ass Coronabedéngt dëst Joer ausgefall, eppes wat een als fräischaffende Kënschtler natierlech am Portmonni spiert.

No der Produktioun hei zu Lëtzebuerg geet et dann op Münche fir de Maximilian e bësse beim Abi ze ënnerstëtzen, a gläichzäiteg ze prouwe fir d'Münchener Kammerspiele, wou d'Opféierung fir den Dezember geplangt ass.

Nächste Summer ass dann am Kader vun den 100 Joer Salzburger Festspiele, eng ofgespeckte Versioun vun dësem bedeutendste Festival an der classescher Musek an duerstellender Konscht geplangt, wou den André schonn 10 mol derbäi war, an do 2009 mat dem éisträicheschen Nestroy-Theaterpreis ausgezeechent gouf.

André Jung, mir haten een éierlecht intensiivt Gespréich, an ech soen dofir ee grouse Merci.

Ech wënsche vu ganzem Häerze vill vill Erfolleg fir d'Zukunft, an ëmmer erëm Projeten di lech erausfuerderen a frou maachen.

Françoise Hetto-Gaasch

Kulturschäffen